ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
16 MAI 2019
712

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Mee 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Am „Règlement grand-ducal du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental" steet am Artikel 12: „La tâche de l'instituteur de l'enseignement fondamental peut également comprendre des activités connexes à autoriser par le ministre pour la durée renouvelable d'une année scolaire consistant en: a) des activités dans l'intérêt du fonctionnement de l'école non comprises dans les activités définies à l'article 4; b) des activités dans l'intérêt de l'enseignement en général." Zu esou Aktivitéite gehéiert och „délégué à la sécurité" (Art 13 vun dem Reglement).

An deem Zesummenhank wollt ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

1. Wat sinn déi genee definéiert Aufgabe vum „délégué à la sécurité"?
2. De SCRIPT bitt eng Formatioun dozou un. Ass dës Formatioun obligatoresch fir d'Leit, déi d'Tâche vum „délégué à la sécurité" iwwerholl hunn, oder kann ee se och wärend dem Schouljoer maachen, wann ee schonn Delegéierten ass?
3. Wéi vill Leit, déi als „délégué à la sécurité" designéiert sinn, hunn déi Formatioun gemaach?
4. Gëtt iwwerpréift, ob de Sécherheetsdelegéierten seng Aufgabe richteg ausféiert? Wien iwwerpréift et an op wéi eng Manéier?
5. Wat geschitt am Fall wou een „délégué à la sécurité" sengen Aufgaben net gerecht gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 18 juin 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 712 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Am Artikel 9 vum Gesetzestext "Loi modifiée du 19 mars 1988 concernant la sécurité dans la fonction publique" ass virgesinn, dass de Responsabele verschidden Obligatiounen un een oder méi Delegéierte kann ofginn. Deemno hëlleft den "délégué à la sécurité" dem Responsabele beim Erreeche vun der globaler Zilsetzung *"assurer l'intégrité physique de tous les participants aux activités professionnelles et scolaires définies ci-après et de mettre en oeuvre les moyens appropriés pour créer, dans les établissements concernés et à l'occasion de ces activités, les conditions de sécurité adéquates"*, déi am Artikel 1 vum zitéierte Gesetzestext festgehalen ass. Den Artikel 1.14 vum Reglement "Règlement grand-ducal modifié du 13 juin 1979 concernant les directives en matière de sécurité dans la fonction publique" gesäit den Detail vun den Aufgabe vir, mat deenen de Responsabele den Delegéierte kann uvertrauen.

**Ad 2)**

D'Organisatioun vu Formatioune fir d'Léierpersonal fält net an den Aufgabeberäich vum SCRIPT. Den IFEN ("Institut de formation de l'Éducation nationale") bitt fir den "délégué à la sécurité" a regelméissegen Ofstänn Formatiounen un, déi dësen op d'Ausübe vu senge Missioune solle virbereeden, hie sollen ënnerstëtzen a beim Exercice vun senger Tâche solle begleeden. Des Weidere ginn och vun der SNSFP (Service national de la sécurité dans la Fonction publique) Formatiounen ugebueden, fir den "délégué à la sécurité" op den Exercice vun dëser Tâche virzebereeden.

Bei de Formatiounen, déi fir den "délégué à la sécurité" an enger Grondschoul ugebuede ginn, handelt et sech ëm prioritär Formatiounen, déi als Formation continue ugerechent ginn, wann den Agent dat wënscht. Och d'Formatioune bei der SNSFP kënne sur Demande vum Agent a mam Accord vum Direkter als Formation continue comptabiliséiert ginn.
Et gëtt dem "délégué à la sécurité" recommandéiert, a regelméissegen Ofstänn eng Formatioun ze suivéieren, déi hien bei der Ausféierung vun sengen Aufgabe soll stäerken. Dëst gëtt notamment doduerch ënnerstrach, dass d'Formatiounen als Formation continue kënnen ugerechent ginn.

**Ad 3)**

Déi genau Unzuel vun den “délégués à la sécurité”, déi eng spezifesch Formatioun am Kader vum Exercice vun der Funktioun suivéiert hunn, léisst sech nëmme schwéier chiffréieren, vu dass net noutgedrongen all Enseignant, deen eng Formatioun bei der SNSFP suivéiert huet, dës als Formation continue comptabiliséiert wëll hunn. Des Weideren üben 41% vun den aktuellen Delegéierten dës Funktioun säit méi wéi 5 Joer aus an dovunner hunn der eng Partie bedéngt duerch hir Erfahrungen am Beräich vun der Sécuritéit rezent d’Formatioun fir den “délégué à la sécurité” net méi besicht, mä sech an aneren Domainer, déi a Relatioun mam Exercice vun der Tâche vum Sécherheetsdelegéierte stinn (zum Beispill d’Éischt Hëllef oder de Brandschutz) weidergebilt.

An den dräi leschte Jore gouf bei 46,5 Prozent vun den Enseignanten, déi aktuell d’Missioun vum “délégué à la sécurité” an de Grondschoulen ausüben, eng spezifesch Formatioun fir d’Sécherheetsdelegéierten als Formation continue comptabiliséiert.

D’Formatioun fir d’Sécherheetsdelegéierte gëtt a regelméissegen Ofstänn fir déi concernéiert Enseignanten aus der Grondschoul ugebueden, fir dass dës beschtméiglech op d’Missiounen, déi hinne vum Responsabelen uvertraut ginn, virbereet sinn. Och gi weider Formatiounen am Domaine vun der Sécherheet an de Grondschoule vum IFEN proposéiert, fir déi concernéiert Enseignantë geziilt a verschiddene Beräicher ze stäerken.

**Ad 4)**

De Sécherheetsdelegéierten informéiert de Responsabele regelméisseg iwwert seng Collaboratioun mat de Membere vun der Schoulcommunitéit. Et opläit dësem anzeschätzen, bei Bedarf no Récksprooch mam “inspecteur général de la sécurité”, ob déi uvertrauten Aufgabe vum “délégué à la sécurité” zefriddestellend ausgeübt ginn an dem Sécherheetsdelegéierte gegebenefalls konkret Pisten ze ginn, wéi d’Sécherheet an d’Protektioun vun de Membere vun der Schoulcommunitéit weider kéint verbessert ginn.

**Ad 5)**

Am Fall, wou de Responsabelen der Meenung ass, dass ee Sécherheetsdelegéierten déi uvertrauten Aufgaben net zefriddestellend ausübt, kann dësen dem Agent eng weider Partizipatioun un enger Formatioun operleeën. Och ass et dem Responsabelen iwwerlooss, bei Bedarf de Sécherheetsdelegéierten ze entlaaschten, andeems hie selwer een Deel vun den uvertrauten Aufgaben iwwerhëlt oder eng weider respektiv eng aner Persoun désignéiert, déi een Deel vun den Aufgaben assuréiert.

Claude Meisch
Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse